# Une histoire belge ?

Den Artikel 29 vum Gesetz vun 2008 zur Lëtzebuerger Nationalitéit erlaabt et den Ururenkelen vu Leit, déi 1900 Lëtzebuerger woren an déi haut a Frankräich, an der Belsch, Däitschland, Nord- a Südamerika asw. liewen, d'Lëtzebuerger Nationalitéit zréckzekréien. A suergt an der belscher Provënz Lëtzebuerg fir en Hype, deen den Historiker Denis Scuto éischter bedenklech wéi witzeg fënnt.

Denis Scuto

Den aktuellen Hype iwwer d'Belsch, déi wëlle Lëtzebuerger ginn, schléit ëmmer méi héich Wellen an huet et elo no de belsche Medien och bis an déi franzéisch an op Arte gepackt. De Justizminister François Biltgen versicht dee ganze Phänomen ze minimiséieren a mat Humor souzesoen an d'Kategorie vun de Blagues belges ofzedrängen.

Mech perséinlech erënnert deen Hype awer éischter un en ironesche Commentaire vum Coluche iwwer Politiker, déi Gesetzer schreiwen a stëmmen ouni iwwer hir Implicatiounen nozedenken. Oder wéi de Coluche et ausgedréckt huet: « Ah, ils sont marrants, les hommes politiques. Encore que, je ne pense pas qu'ils nous feront un jour autant marrer qu'ils nous emmerdent. »

De Retour vun der Geschicht vum 19. Joerhonnert an d'Aktualitéit vum 21. Joerhonnert as engersäits marrant, amüsant. De Retour as souguer e komplette Renversement. Während nämlech haut eng Rei Awunner vun der belscher Province de Luxembourg neess Lëtzebuerger wëlle ginn, wollten 1830 e grousse Deel Lëtzebuerger sech am léifsten der belscher Revolutioun uschléissen a Belsch ginn.

Net onwitzeg fannen ech och als Historiker, dass en ethneschen a surrealisteschen Artikel am Nationalitéitsgesetz vun 2008 – kee weess iwwregens, ween déi glorräich Iddi hat den dranzesetzen – dozou féiert, dass mer mat historeschen Auswanderungen vu Lëtzebuerger an eis Nopeschlänner konfrontéiert ginn, déi äis bis elo net grouss intresséiert hun: Ëm 1900 liewen a schaffen net manner wéi 22 000 Lëtzebuerger a Frankräich, 10 000 an der Belsch a 15 000 an Däitschland, nieft den 20-30 000 an Amerika, am ganzen also, bei enger deemoleger Gesamtawunnerzuel zu Lëtzebuerg vun 220 000, ongeféier 70 000 Auswanderer, en enorme Chiffer. D'Nokommen vun all deenen plus ganz vill aus der belscher Provënz Lëtzebuerg kënne bis 2019 reng theoretesch en Untrag stellen fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit zréckzekréien. Dat fënnt en Historiker ganz sécher méi witzeg wéi de Justizminister an all déi Beamten, déi am Moment geplot si mat Honnerten Demanden, Tendenz steigend.



*Ils sont marrants les hommes politiques. Encore que…* Wéi ass et méiglech, hat schonns de Staatsrot a sengem Avis 2008 ervirgehuewen, dass d'Konditiounen fir Lëtzebuerger ze ginn fir auslännesch Matbierger, déi hei liewen a schaffen, méi restriktiv ginn, e.a. iwwert e Sproochentest, deen ee muss packen, an op der anerer Säit Ururenkelkanner vu Lëtzebuerger Anno 1900 just e Lien iwwer Blutsverwandschaft brauche virzeweisen a weder d'Lëtzebuerger Sprooch musse beherrschen nach jee e Fouss an dëst Land musse gesat hunn?

Déi Re-Ethniséierung (an Entterritorialiséierung) vun der Lëtzebuerger Nationalitéit ass net amüsant, mä äusserst bedenklech. Si attackéiert nämlech u sech, wann een der Saach op de Fong geht, demokratesch Grondprinzipie vum Lëtzebuerger Nationalstaat. Am demokratesche Verständnis vu Parlament a Regierung huet e Bierger bis elo d'Nationalitéit krut, an domat de vollen Accès zur nationaler Communautéit, well de Legislateur dovun ausgaangen ass, dass d'Kanner vu Lëtzebuerger Elteren oder awer déi Auslänner, déi sech dauerhaft am Land néierlossen, resp. hir Kanner oder Enkelkanner déi hei gebuer sin, dee néidegen effektiven, direkte Bezuch zu Lëtzebuerg entwécklen, an esou dem Land et erméiglechen als national politesch Gemeinschaft weiderzebestoen an ze wuessen. Den Artikel 29 steht am Widdersproch zu dëser wichteger demokratescher Ambitioun.

Dofir, Här Biltgen, och wann net Dir de Papp vun deem Gesetz sidd, mä äre Virgänger Luc Frieden, wier et dringend ubruecht, d'Gesetz neess op de Leescht ze huelen an e.a. den Artikel 29 z'iwwerdenken, iert d'Laachen äis an deem Zesummenhang wierklech vergeet. ◆

Carte blanche op RTL vum 9.3.2011